N°1942
Entrée le 17.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1942 vum 14. Februar 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Wéi erkläert sech d'Ministesch dës staark Hausse bei de Fäll vu Syphilis?*

Déi staark Hausse vu Syphilis zu Lëtzebuerg ass bedéngt duerch e puer Ursaachen.

D'Gesetz vum 1. August 2018 iwwert Deklaratioun vu verschiddene Krankheeten am Kader vun der Protektioun vun der Santé publique gesäit vir, dass esouwuel Doktere wéi och d'Laboratoiren, déi medezinesch Analyse maachen, ustiechend Krankheeten déi sexuell iwwerdroe ginn innerhalb vun enger Woch bei der Gesondheetsdirektioun melle mussen. Esou si Chlamydien, Gonorrhoe a Syphilis meldeflichteg fir d'Laboratoiren. Dobäi kënnt datt Syphilis och nach vun den Doktere selwer gemellt gëtt. Am Géigesaz zu aneren europäesche Länner, wou d'Deklaratioun vun deene Krankheeten op fräiwëlleger Basis geschitt, huet Lëtzebuerg en zimmlech ëmfaassende System fir ustiechend Krankheeten z'iwwerwaachen wat zu enger Ënnerdeklaratioun an anere Länner par rapport zu Lëtzebuerg féiere kéint.

Verännerungen am Risikoverhalen, wéi z.B. eng Baisse am Gebrauch vum Kondom a méi verschidde Sexualpartner[1], droen zu enger erhéichter Iwwerdroung vu sexuell iwwerdrobare Krankheete bäi. E verstäerkten Dépistage, virun allem bei Männer déi sexuell Relatioune matt Männer hunn, huet et och erlaabt, méi Fäll ze detektéieren.

*2. Wéi eng konkret Moossname plangt d'Regierung ze huele fir dës dramatesch Hausse vu sexuell iwwerdrobare Krankheeten zu Lëtzebuerg ze bekämpfen, besonnesch well mir den héchste Syphilis-Taux an Europa hunn?*

Wat Präventiounsmoossnamen ugeet, ginn zu Lëtzebuerg verschidde Méiglechkeete fir den Dépistage vu sexuell iwwerdrobare Krankheeten ugebueden. All Persoun ka bei de Planning Familial, den CHL, den LNS oder de CHEM goen, mat oder ouni Ordonnance, an en STI-Dépistage ufroen. Esou sinn anonym STI-Dépistagen dat ganzt Joer iwwer verfügbar[2].

Ausserdeem hëllt Lëtzebuerg un den europäesche Woche vum Dépistage deel déi am Mee an am November stattfannen[3]. Dës Initiativ ënnersträicht d'Wichtegkeet vun der fréizäiteger Detektioun vu sexuell iwwerdrobare Krankheeten. Bei dëser Occasioun bidde verschidde Privatlaboratoiren der ganzer Populatioun gratis Tester un.

Präventiouns- a Screeningaktiounen vu sexuell iwwerdrobare Krankheete ginn am Kader vum nationalen HIV-Plang 2018-2022 an a Kollaboratioun mat den nationale Partner weidergefouert.

[1] UK study published in 2021 examined trends among MSM from 2016–2019 and found evidence of changing sexual behavior including condomless anal intercourse alongside rising STIs diagnoses.https://pubmed.ncbi.nlm.nih.gov/34413201/

[2] https://santesecu.public.lu/fr/agenda/2024/11/european-testing-week-2024.html

[3] www.testingweek.eu

*3. Ass eng breet Preventiounscampagne bei jonke Leit geplangt, virun allem well d'Zuele bei de 20- 24 Järege staark klammen?*

Am Joer 2025 ass eng national Präventiounscampagne géint sexuell iwwerdrobar Krankheete geplangt. Dës Campagne, déi Jonker am Alter vu 15 bis 25 Joer cibléiert, fënnt am Mee statt a gëtt zesumme matt nationale Partner organiséiert. D'Zil vun dëser Campagne ass fir déi Jonk op sexuell iwwerdrobar Krankheeten ze sensibiliséieren an se z'encouragéieren hiert Risikoverhalen op e Minimum ze reduzéieren.

*4. Wéi eng Moossname ginn agesat fir d'Resistenz géint Antibioticken ze bekämpfen? Hu mir zu Lëtzebuerg genuch Alternativen am Fall wou Behandlungen net méi uschloen?*

Den nationalen Antibiotika Plang[4] 2018-2024 huet eng Rei vu Mesuren, fir géint d'Resistenz vun Antibioticken ze kämpfen, agefouert.

Am Beräich vun de sexuell iwwerdrobare Krankheeten (sexually transmitted infection, STI) sinn et just Gonokokken-Infektiounen, déi e Resistenzproblem géint Antibioticke verursaache kënnen. Esou gëtt zu Lëtzebuerg d'Opkomme vu resistente Gonokokken-Infektiounen aktiv iwwerwaacht. Den LNS iwwerwaacht di multiresistent Souchen a kommunizéiert reegelméisseg mat der Gesondheetsdirektioun.

Déi meescht Infektioune matt Gonorrhoe an der EU/EAA kënne matt aktuell verfügbaren Antibioticken behandelt ginn. Den aktuellen epidemiologeschen Donnéeën no, ass d'Situatioun zu Lëtzebuerg ënner Kontroll.

Et gi keng signifikativ Ännerungen am Kontext vun alternativen Therapië fir d'Behandlung vu Gonokokken-Infektiounen.

*5. Gëtt et en zentrale Koordinatiounsplang fir d'Zesummenaarbecht tëscht den Dokteren an de Spideeler an dësem Kontext ze organiséieren?*

Zu Lëtzebuerg gëtt et keng formell zentraliséiert Koordinatioun tëschent den Dokteren an de Spideeler am Beräich vu sexuell iwwerdrobare Krankheeten. Et besteet awer eng aktiv Kollaboratioun tëschent de Laboratoiren, de Spideeler, den Dokteren an der Inspection sanitaire, déi et erlaabt, schnell ze reagéieren an néideg Moossname schnell unzepassen.

Lëtzebuerg, den 17. Mäerz 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez

[4] https://santesecu.public.lu/fr/espace-professionnel/plans-nationaux/plan-national-antibiotiques-2018-2022.html